PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Den 30te Januar 2025 ass et zu engem schwéiere Fluchaccident Washington komm, wou e Regionalfliger mat 64 Leit u Bord no enger Kollisioun mat engem Militärhelikopter an de Floss Potomac gestierzt ass. D'Rettungsdéngschter sinn am Asaz fir no Affer ze sichen.

Dësen tragesche Virfall suergt net nëmme fir eng grouss Bestierzung, mä werft och eng Rei Froen op, wat d'Sécherheet am Loftraum an d'Koordinatioun tëscht der ziviller Loftfaart an dem Militär ugeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Moossnamen a Prozedure gëtt et zu Lëtzebuerg, fir d'Sécherheet am Loftraum ze garantéieren a fir d'Zesummenaarbecht tëscht der ziviller Loftfaart, de Forces publiques a dem Militär z'optimiséieren?

2. Ginn et zu Lëtzebuerg reegelméisseg Sécherheetsexercicen, déi eng séier Asazfäegkeet vun de Rettungsdéngschter am Fall vun engem Fluchaccident testen, an a wéi engem Intervall fannen se statt?

3. Wéi eng international Initiativen ënnerstëtzt Lëtzebuerg, fir d'Sécherheetsstandarden an der Aviatioun weltwäit ze verbesseren an d'Koordinatioun tëscht de Memberstaaten an deem Beräich ze verstäerken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten